## *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* an Ärer Gemeng!

Dir wëllt eis heemesch Biodiversitéit ënnerstëtzen? Dat kënnt Dir schonns mat engem klenge Beet bei Iech doheem! Blummen a Kraider, déi natierlech bei eis virkomme si wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekten.

Dir huet d'Méiglechkeet bei eis an der Gemeng en Echantillon mat *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-Geseems fir 1 m² sichen ze komme (d'Quantitéit ass begrenzt) fir dëse Som an Ärem Gaart elo unzeséien, soudass Dir d'nächst Joer mat engem faarwege Gaart an d'Fréijoer starte kennt.

Fir méi grouss Fläche vu 25–50 m² kennen 100 g Tute vun den dräi Mëschunge LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Dippech, Mon Jardin
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* fannt Dir op: www.wellplanzen.lu
Hei fannt Dir och eng Beschreiwung, wéi een d'Geseems richteg uséint a wouropper een oppasse soll.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéiten am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann ënnert „Mischungen für Luxemburg" (www.rieger-hofmann.de) oder bei Barenbrug Luxemburg kaaft ginn.

De Naturschutzsyndikat SICONA beréit Iech gäre fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen:

SICONA Naturschutzsyndikat

SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu